ADMINISTRATION COMMUNALE
HELPERKNAPP

Helperknapp, 31/01/2022

Rapport vun der Kommissioun fir nohalteg Entwécklung

Sëtzung vum 9 Dezember 2021

Präsenzen

Present (Quorum 50% , ≥6)	Net present	Observateuren a Experten
Jean-Jacques BUTTEL	Ambrus PORCSIN (entschëllegt)	
Philippe CHENNAUX (President)	José FERNANDES (demissionéiert)	
Pierre ESPEN	Jacques HUSS (entschëllegt)	
Marc FRANK	Joske VOSMAN (Vize-President) (entschëllegt)	
Carlo KOEPP (Sekretär)		
Patrick KRAEMER		
Claude HETTINGER		

Dagesuerdnung

Déi folgend Dagesuerdnung gouf op d'mannst 2 Deeg virun der Sëtzung un d'Memberen (developpement.durable@helperknapp.lu) an op odj@helperknapp.lu verschéckt, respektiv nodréiglech, op Ufro vu Memberen oder dem Schäfferot, ugepasst

1. Begréissung &Präsenzelëscht
2. Remarquen zum leschte Rapport
3. Präsentatioun an Austausch mat der Madame Romaine Stracks vun der Superdreckskëscht iwwer "Greenevents" an Organisatioun vun engem Workshop mat de Veräiner
4. Verschiddenes
5. Nächst Sëtzung

Punkt 1 : Begréissung, Präsenzelëscht

De Philippe huet Mme Stracks vun der SDK an d' Memberen begréisst. Et waren 7 vun 11 Memberen präsent. Leider huet de José Fernandes matgedeelt dat hien géif demissionéieren. Mir hunn dat zur Kenntnis geholl a bedauert, a mir soen him villmools Merci fir säin Asaz a seng Mataarbecht déi lescht Joren.

Helperknapp, 31/01/2022

Punkt 2 : Remarquen zum leschte Rapport

De Rapport vum 26 Oktober 2021 ass ouni weider Kommentaren ugeholl ginn.

Punkt 3 : Präsentatioun an Austausch mat der Madame Romaine Stracks vun der Superdreckskëscht iwwer "Greenevents"

Wéi schonn ugedeit hat d' Kommissioun een Invitée a der Persoun vun der Mme Romaine Stracks. Sie schafft bei der SDK (SuperDrecksKëscht) a këmmert sech och em d' Organisatioun a Koordinatioun vun de Green Eventer.

„Green Events" ass e Projet vum Ministère fir Ëmwelt, Klima an Nohalteg Entwécklung. D' SDK an den Oekozenter Pafendall ASBL goufen beoptraagt d' Koordinatioun vum Projet esou wéi d' Berodung vun den Organisateuren z' assuréieren.

De Projet „Green Events" gouf am November 2019 lancéiert an hat bis zou den COVID19 Restriktiounen ee gudden Erfolleg. An der Websäit vun "greenevents.lu" kann een Grënn fir d' Entstoen vun dësem Projet noliesen.

Am Groussen Ganzen geet et drëm fir den ökologesche Foussofdrock vun deenen zu Lëtzebuerg organiséierte klengen a groussen Eventer a Manifestatiounen ze reduzéieren an een ëmweltbewosst Verhalen ze förderen, andeems d' Organisateuren informéiert, sensibiliséiert, ënnerstëtzt a encouragéiert ginn fir ëmweltverantwortlech Eventer duerchzeféieren.

Et stellen sech etlech Froen, haaptsächlech wéi ass den zousätzlechen Opwand, wéi leeft dat of, wien hëlleft a wéi kënnen d' Veräiner mat hiren Moyenen esou eppes duerchzéien?

Mme Stracks huet dunn erkläert dat de Projet aus 3 Voleten besteet

1. Info-Säit ---> Infotek

   Wat muss e maachen fir als gréngt Event unerkannt ze ginn a wéi geet ee fir? Duerfir goufen Recommandatiounen an 8 Kategorien erstallt,

   - Organisatioun & Marketing
   - Material & Dekoratioun
   - Mobilitéit
   - Alimentatioun & Gedrénks
   - Offall
   - Waasser & Sanitär

Helperknapp, 31/01/2022

- Energie
- Environnement

Als Beispill fir eng Kategorie huet Mme Stracks d' Iessen erwäänt. Hei ass et wichteg wéi eng Wuer ee keeft a wo se hier kënnt. Do soll een oppassen op d' Logoen / Labelen, Bio, regional, Saisonen ugepasst a asw. So weit wéi méiglech soll och dem **Déiere Wuel** bei der Auswiel vun Iesswueren Rechnung droen. Et ass recommandéiert och vegetaresch Platen op engem Fest unzebidden.

2. Berodung a Begleedung

Am Fall vu weideren Froen kann een Beroder vun der SDK oder dem Oekozenter Pafendall kontaktéieren. Déi proposéieren zou deem och individuell a gratis Begleedungen.

3. Zertifikatioun als "Green Event"

D' Zertifikatioun ass eng wichteg Etapp well se och verbonnen ass mat engem Subside. Duerfir brauch een virun dem Event de **Logo** "Green Events". Dee muss een ufroen iwwert ee Beroder, op d'mannst e puer Méint virdrun. Doropshin kritt eng Checklëscht mat 55 Krittären aus den 8 Kategorien. Verschiddener dovun sinn MUSS Krittären. Nom ausfëllen schéckt een déi fir d' Evaluatioun zeréck un de Conseiller. Sinn d' Konditiounen erfëllt, muss den Organisateur sech mat enger Ënnerschrëft op enger **Charta** fir dëst Event engagéieren an dono kritt hien de **Logo** am Virfeld. Dee kann dann benotzt ginn op den Publikatiounen, den Flyeren, dem sozialen Reseau asw. fir Reklamm ze maachen fir den Event.

Den Subside gëtt akkordéiert wann Bedingungen just virun dem Fest tatsächlech erfëllt sinn, dëst kann duerch eng onerwaart Visite vum Ministère passéieren. Sinn Konditiounen net erfëllt, gëtt och de Logo annuléiert an z.B. am Internet matgedeelt dat et sech awer net ëm ee Green Event handelt.

Ass de Label confirméiert kann een beim Ëmwelt-Ministère unhand vun engem Formulaire de Subside ufroen, deen aus zwee Deeler besteet:

- Subside vun 1250 € fir d' Attributioun vum Logo
- Remboursement vun 25%, mat max. 1250€, op den extra Fraisen déi duerch den Asaz vun ëmweltfrëndlechen Materialien fir d' Fest entstan sinn. Duerfir muss eng "Note de frais" der Demande bäileien.

De Ministère geréiert ee Spezialfong fir den Zweck.

Et goufen vun den Memberen wärend der Präsentatioun déi follgend Froen an Kommentaren:

1. Patrick: Kann een elo schonn approximative soen wéi héich zousätzlechen Käschten sinn fir ee Green Event, gëtt eng Fauschtformel?

Mme Stracks: Nee, dat hänkt ganz vill vum Opwand beim Event of, esouwuel wat däi bio-frëndlech Materialien betrëfft, wéi awer och bäi den Iesswueren mat Bio-Label.

2. Pierre: Unzuel vun den Gäscht, ob 100 oder 1000 a méi, spillt dobäi sécherlech och eng grouss Roll, z.B. beim Benotzen vun Plastik oder Glas fir Gedrénks, oder net?
   Mme Stracks: Garantéiert, awer Plastik muss net ëmmer schlecht sinn esoulaang z.B. Plastiks Becher oder Glieser "Mehrweg" sinn

3. Pierre: Wéi weit geet Berodung? Eise Club organiséiert e Fest mat gebakene Fësch, an dofir brauche mer vill Ueleg. D' SDK acceptéiert awer just kleng Quantitéiten.
   Mme Stracks: Dat muss een iwwerpréiwen. Jiddefalls wëllen och Recycling Zenteren net méi wéi 6 Liter. Déi problematesch Offäll ginn si souwéisou un d' SDK weider.

4. Philippe: D' Konditiounen fir ee Subside ass d' Benotzung vun ëmweltfrëndlechen Materialien. Wei gëtt da Bewäert, wann e Veräin elo een Event/Fest an enger Gemengen Lokalitéit organiséiert wou Materialien zur Verfügung steet dat d' Krittären net erfëllt? (Philippe)
   Mme Stracks: An der Reegel gëtt esou engem Fall bei der Auswäertung dem Rechnung gedroen an de Veräin gëtt net "sanctionéiert" duerfir. E Beispill wieren den Toilettëpabeier an deenen ëffentlechen Sanitär Raim oder Botzmëttel déi Gemeng an der Gebailechkeet notzt.

5. Patrick: Bei de plastiks Sammeltuten ass d' Kënnzeechnung net eenheetlech, z.B. d' Valorlux héi ass blo an den Equivalent an Däitschland giel. Dann kann am eisem Grenzgebitt zu Mëssverständnisser féieren.

Zum Ofschloss vun der Präsentatioun ergänzt Mme Stracks nach dat d' Verhalen vun der Organisatioun hannert de Kulissen genau esou Virbildlech si muss wéi dat wat vun de Gäscht verlaangt gëtt. Sie huet ausserdeem nach erwäänt dat **Nova Naturstroum** eventuell och eng Primme kann accordéieren!

Mir soten der Mme Stracks villmools merci fir hire Besuch a déi Opschloss räich Informatiounen .

Helperknapp, 31/01/2022

Punkt 4 : Organisatioun vun engem Workshop mat de Veräiner

Direkt iwwer eng méiglech Duerchféierung vun engem Workshop ass net geschwat ginn awer weider Froen am Zesummenhang domat an mat grengen Eventer sinn opgeworf ginn:

1. Philipp: Hien huet sech nach Fro gestallt, wéi mer d' Veräiner duerfir interesséieren kënnen? Sinn Workshoppen méiglech? Jiddefalls bitt "Green Events" dat un zesummen mat engem Beroder.
2. Patrick: Da kënnt ee jo och de Questionnaire (Checklëscht) un d' Veräiner schécken an am Bedarf ee Workshop mat den Concernéierten organiséieren.
3. Claude: Dat wier de Moment fir eis Charta mat de Veräiner duerch ze kucken. Hien huet d' Beispill vun der Gemeng Suessem bruecht déi am Prinzip all Joer eng Ëmwelt Woch organiséiert, wo dann verschidden Themaen vu de Gemengevertrieder an den Veräiner proposéiert ginn. Souwäit hie weess hunn 2 aner Gemengen eng änlech Veranstaltung.
4. Pierre: Sinn d' Firmaen kapabel adäquat Produkter fir esou een Event ze liwweren wann een se freet?
5. Philippe: Wéi ass am Fall vun Dixi Toiletten mat Alternativen?
   Hie selwer huet als Beispill e Video vun Ecosec präsentéiert, enger franséischer Firma déi mobil Toiletten ouni Waasser opstellt an déi gesammelt Fäkalien recuperéiert, weider verschaaft a valoriséiert am Beräich Düngemëttel. Et ass z' iwwerpréiwen ob dat och bei eis fonctionéiert? Aktuell ginn et awer keng Alternativen zu Lëtzebuerg.

Punkt 5 : Verschiddenes

1. Asammelen vu Eisen- an elektreschen Offall (E-Offall)

Et geet em d' Modalitéiten wéi an wéini d' Kollekten duerchgeféiert ginn. Bis elo ginn sperreg Offäll, also Sperrmüll, all 3 Méint agesammelt, an och op Ufro bei der Gemeng.

- Als perséinlech Parenthèse vu mir: Den E-Offall gëtt a vun der Gemeng net als Sperrmüll consideréiert! Hei den kopéierten Text aus Gemengen-Websäit:
  Sont à considérer comme matériaux encombrants, les déchets en provenance des ménages privés qui, en raison de leurs dimensions, ne peuvent être introduits dans les poubelles, à savoir: canapés, fauteuils, vieux meubles, matelas, cadres de fenêtres (sans vitres), portes, moquettes, tapis, vieux papiers peints utilisés, etc.
  ***Sont exclus de la collecte des déchets encombrants**: le surplus d'ordures ménagères dissimulé dans des sacs-poubelles ou autres récipients, les papiers, cartons, verres, vieux vêtements, la ferraille, les réfrigérateurs, congélateurs, bonbonnes de gaz vides, pneus de véhicules, postes TV et radio, déchets électroniques (ordinateurs, vidéos, etc.). Tous les déchets devront être bien visibles, c.à.d. les sacs et récipients devront rester ouverts.*

Helperknapp, 31/01/2022

- Beim Akaf a Liwwerung vu neien Apparaten wéi TV, Frigo, Wäschmaschinn, asw. bidden déi meescht Geschäfter d' Reprise vun den alen Apparaten un, esouguer gratis.
- Metalle Schrott kann een am Tëschelager "Sayerhéischt", Ausfaart Téinten – Huelmes, ofginn

Avis: De Sperrmüll soll weider am 3 Méint Rhythmus oder op Ufro agesammelt ginn. De E-Schrott sollt och op Ufro kënnen ofgeholl ginn.

2. Stoffwëndelen

Den Sujet ass nach enger ugeschwat ginn, gouf awer schonn an der leschter Sëtzung als ofgeschloss betruecht.

3. Charta

D' Kommissioun ass bereet eng iwwerschafften Versioun dem Schäfferot anzereechen.

4. Regenerativ- Landwirtschaft

Den Claude huet de Sujet bruecht an erwäänt dat de "Mouvement Écologique" eng Konferenz doriwwer organiséiert hat an hien frot wéi eis Positioun dozou wier. Den Philippe huet geäntwert, dat am Moment ze wéineg Disponibilitéit an net genuch Expertise besteet fir doriwwer ze diskutéieren.

5. SIGI

Et gëtt ëm digital Form vun den Gemenge Facturatiounen. Et sollt op der Rechnung drop stoen dat se elektronesch verschéckt gouf.

Nächst Sëtzung

Déi nächst Sëtzung gouf festgeluecht fir de **8 Februar 2022 um 19h00** an der Koll, weiderhin ofhängeg vun eventuellen Covid Moossnamen.

Unhang:

1) Artikel MECO Regenerativ Landwirtschaft
2) PDF Fichier zu E-Offall, SIDEC Tariffer an Entsuergung

Helperknapp, 31/01/2022

Dëse Rapport soll an engem Délai vun 2 Wochen no der Sëtzung un d'Memberen verschéckt a no der Approbatioun als PDF un déi responsabel vun der Administration (tanja.asselborn@helperknapp.lu & yves.munchen@helperknapp.lu) weidergeleed.